

Déi éichte Kéier am Burkina Faso vum Lena Enders

Meng 1. Rees an de Burkina, a soumatt och außerhalb vum europäeschen Kontinent ass den 21. August lass gang. Wéi ech dunn voller Virfreed d'Kätty an den Dan, meng Reisebegleiter vun der éischer Woch, um Flughafen kennegeléiert hat, war ech mer sècher: Dat do kann nëmmen gutt ginn! A sou war et och.

Iwwerwältegt vun dausenden komplett neien Impressiounen, vun nëmmen enger Nuecht zu Ouaga honn mer eis op de Wee fir op Koudougou gemat.

Och am Centre hat ech mech bei den Tantiën, dem Personal an de Kanner an „Null Komma Nichts“ ageliéiert. Well ech jo goer nek wosst, wat mech am Centre ging awarden, hat ech mech mol op dat Schlemmst agestallt, an wéi ech gesinn honn, dass do proppert, fléißend, drenkbart Waasser ass, kouw mer dat richtig luxuriéis fir.

D'Kanner waren wéi benzeg drop, eis ze weisen wéi een cultivéiert, honn eis den „Dabba“ an de Grapp ginn an dunn konnten mer Gas ginn.





Niewt dem Maart, klengen Spazéiergäng an sprëtzen Mopedtouren, honn mer natierlech och am Centre geschafft. Ënner Annerem honn mer engt Volleyballnetz opgericht, wat nek emmer sou einfach war, mee dono stung et mat vollem Asatz vun jidderengem den an der Géigend war, wéi eng 1.





Leider honn d'Kätty an den Dan mech dunn schon no enger vill ze kuerzer, awer mega flotter, witzeger, impressionanter, einfach genialer éischer Woch zreckgeloss. Ech war awer nek alleng, well an Tëschenzäit waren de Bob, de Luc, de Claude an de Marc ukomm.

Och déi Woch vergung wéi am Fluch, well mer och do nach eng Kéier kräfteg ugerappt haten. Et goufen Wäschelengten opgeriicht, Dëscher a Bänken nei gestrach an eng Spillplatz bäigebaut, déi dunn direkt vun denen neien Kanner, déi Ufangs nach immens schei waren, getest goufen. Dat war och eng immens Erfahrung. Zimlech séier haten déi Kleng sech ageliewt an sënn op eis zoukomm. Dunn honn mer eis missen mat Hänn a Féi ß verstännegen, well ech kee Mooré schwätzen an sie kee Franséisch. Mer honn eis einfach super amüséiert, well am Burkina einfach jiddereen sou voller Energie ass, dass am Centre ëmmer fir gutt Stëmmung garantéiert ass.



De Burkina ass einfach eng komplett anner Welt, wou op mech sou vill nei Andreck gewierkt honn, dass ech Owes kaum wollt schlofen goen, fir nëmmen näicht ze verpassen. Et ass och schwéier alles ze beschreiwen, an honn och vill Impressiounen mat Heem bruecht, déi mer awer bëssen ze Denken ginn...

Mee dat eenzegt, wat ech man kann, ass einfach MERCI ze soen, an zwar mengen 6 Reisebegleiter, dem Personal an de Kanner am Centre, all den Lëkt, déi ech do kennegeléiert honn an all denen, déi mäin klengen Trip zu dem gemat honn wat et ass!



Dat war een mini Ableck an meng éischt Impressiounen a meng Faszinatioun fir de Burkina an et waren hoffentlech/ sëcherlech och nek déi Letzt, well ech vermëssen d'Lëkt an hier positiv Ausstrahlung a Mentalitéit lo schon.

Also, mer gesinn eis am Burkina!

